



Versioun vum Mémorial abonnéiere kann, sou-datt, mengen ech, déi wichteg Accessibilitéit garantéiert ass, sécherlech.

Wa mer vun Accessibilitéit schwätzen, dann hunn ech nach eng Fro, déi ech mer stellen, nämlech: Wéi gesäit dee Mémorial an Zukunft aus? Bleift en an der Form lieserlech? Gëtt en äänlech gemaach, wéi en elo ass? Gëtt en anescht ersogemaach? Bleift e lieserlech, well dat ass fir mech och eng Fro vun Accessibilitéit - lieserlech ass gläich accessibel?

Eng aner Fro kann ee sécherlech och nach stellen, wann ee weiderdenkt: Wéi ass et mat Circulären? Där ginn et jo e ganze Koup, zum Beispill vun Établissement-publicken, mä awer och vu Verwaltungen, déi jo eng gewëssen normativ Valeur hunn. Kéint ee sech net virstellen, déi och op engem eenzege Site wéi zum Beispill dësem ze regruppéieren? Ech mengen, do ass nach Matière, fir weider nozedenken. Et ass och nach Matière do, fir eventuell virunzefueren an dësem Beräich.

Mir sinn also, Dir Dammen an Dir Hären, hei an enger logescher Suite, awer och am Geescht vun der Zäit, fir de Mémorial A a B, de Journal officiel also, elektronesch ze gestalten.

Ech muss awer soen, datt zwou Saache sinn, déi mech awer erstaunen hei. Dat Éischt ass, datt ech awer ganz erstaunt sinn, wéi spéit dëse Gesetzesprojet déposiert ginn ass. Knapp dräi Méint sinn et hier, den Oktober 2016. Ech denken, dat hätt ee kënnen anescht ersogemaachen. Dorobber huet ee sech jo sécherlech och virbereet gehat. Wann ee weess, datt e Kontrakt elo op den 1. Januar ausleeft, dann denken ech, ass dat jo eppes, wat net eréischt elo am Oktober opgefall ass, a grad bei deem Service do sinn ech e bëssen iwwerrascht, datt deem dat Gesetz esou spéit eréischt an der Chamber hannerluecht huet.

Dat Zweet, wat mech iwwerrascht, datt ass eigentlech, wéi den Text geschriwwen ass. Et ass keng gutt Légistique, sou wéi den Text gemaach ass, an dat iwwerrascht mech allerdéngs och gradesou vill, wann net nach méi bei dësem Service. De Statsrot huet ënner anerem véier Oppositions formelles ausgeschwat. Ech muss soen, legistesches ass dat do keng Stärestonn gewiescht, an do sinn ech schonn e bëssen iwwerrascht, grad fir dësen Service.

Mir hëllefen awer gär, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, alleguer heibannen, fir datt den Text op den 1. Januar 2017 a Kraaft triede kann. Dat geet jo elo nach just duer. A Gott sei Dank huet de Statsrot och en neien Textvirschlag gemaach, soudatt mer elo e proppen a klore Gesetzestext hunn. An dofir stëmmt d'CSV dëst Gesetz, et ass dat logescht Aboutissement vun enger Entwécklung, déi virun ongeféier 15 Joer ugefaangen huet.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Modert. D'Wuert huet den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Virop och e Merci un de Rapporteur André Bauler fir säi gudden a komplette Rapport. Nom Ofschafe vum Pabeiersmémorial C duerch d'RESAs-Gesetz ufank dëst Joer zéie mer dann elo haut no mam Ofschafe vum Mémorial A a B, wat duerch en elektronesch Journal officiel ersat gëtt.

Mir begrëssen dat. Ech mengen, dat ass e Schrëtt an d'Richtung, fir d'Gesetzter méi schnell a méi lieserlech ze verëffentlechen. All Gesetz kritt elo säin eegene Mémorial A a gëtt doduerch méi lieserlech a méi einfach accessibel fir d'Bierger an och fir d'Juristen.

Dëst mécht och den Accès zu de Gesetzter méi einfach. Et huet haut jiddwereen Internetaccès, dorunner huet de Rapporteur nach eng kéier erënnert. An déi Weineg, déi keen hunn, déi kréien ëmmer nach e Pabeiersmémorial à disposition gesat, soudass effektiv den Adage «Nul n'est censé ignorer la loi» hei respektéiert ass.

Eppes, wat ech nach wollt ervirsträchen, an dat ass an den Diskussiounen an der Kommissioun och kloer gesot ginn, ass, dass dësen elektronesch Journal officiel och ze gesinn ass an enger méi breeder Reform vum elektronesch Access zu eiser Legislatioun. De Service central de législation ass amgaangen, eng nei Method vu Recherche op eis Gesetzestexter anzeféieren, déi se Recherche sémantique nennen. Dat ass am Fong äänlech wéi eng Google-Recherche, wou duerch Lienen op verschidde Mot-cléen an „Taggen“ kënnen Texter fonnt ginn an och Lienen ënner Texter gemaach ginn, soudass och do d'Hoffnung be-

steet, dass d'Gesetzestexter mat de Circulären a mat de Reglementer kënnen verbonne ginn an op eng lieserlech an einfach accessibel Aart a Weis de Leit zur Dispositioun gestallt ginn.

Mä, wéi gesot, dat hei ass, mengen ech, eng ganz gutt Saach am Sënn vun engem besseren Accès an enger besserer Lieserlechkeet vun de Gesetzter. An dofir si mir als LSAP natierlech och d'accord mat dësem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déli gréng).** - Merci, Här President. Jo, d'Madamm Modert huet net ganz onrecht, wa se seet, datt mer hei ganz schnell geschafft hunn. Effektiv, d'Gesetz ass am Oktober déposiert ginn, ufank Oktober. Mir hunn den Avis vum Statsrot fir Niklosdag kritt. Den Avis vum Statsrot hat eng Rei Oppositions formelles, an ech sinn och der Meinung, datt mer an der Chamberskommissioun gutt geschafft hunn an datt d'Propositione vum Statsrot, deene mer Rechnung gedroen hunn, pertinent waren, soudatt ech mengen, datt mer elo e besseren Text hu wéi mer en ursprénglech haten.

Eigentlech maache mer en historiesche Schratt. Ech hat gemengt, d'Rapporteur géif haut dat soen, wat en an der Kommissioun gesot huet: „Mir soen der Gutenberg-Ära Äddi a mir soen: Moien, digital Luxembourg!“

Et ass effektiv schonn e bedeitende Schrëtt. Mir maachen dat, wat mer a ganz villen anere Gebidder och erliewen. Dat heescht, mir ginn erof vun enger Publikatioun op Pabeier a mir ersetze se duerch eng Onlinepublikatioun. Ech mengen, datt mer och genuch Sécherheeten hunn, déi eis garantéieren, datt mer och déi richteg Texter kënnen op den offizielle Sitte kucken. An ech mengen och, datt et an Zukunft - ech mengen, den Här Fayot huet do eng Rei Beispiller opgezielt -, méi einfach dierft sinn, sech an den Dokumenter ermëzefannen an eppes ermëzesichen, wéi dat an der Vergaangenheet war. D'Dokumenter musse jo och net nëmmen den Datum vun der Publikatioun droen, mä och eng lafend Nummer.

An ech bréngen dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi. Mir maachen haut dat, wat duerch eng EU-Direktiv 2003 agelaut gouf, wat an eisen Nopeschlänner och geschitt. Ech wëll mech net an deem Discours amëschen, ob elo d'Fransouse vir waren oder ob mir vir waren. Op alle Fall zéie mer elo no.

Ech mengen awer, datt dëst Gesetz e weidere Grond ass, fir schnellstméiglech drop hinzeschaffen, datt all Mënsch zu Lëtzebuerg ka vu schnellen Internetkonnexiounen profitéieren. Ob et dann elo 80%, 90% oder 96% sinn, ech mengen, mir müssen einfach op 100% hischafen, well et ass jo esou, datt all Bierger virum Gesetz gläich ass. All Bierger soll déiselwecht Aarbechtskonditiounen kréien. An hei kënnt och nach derbäi: «Nul n'est censé ignorer la loi.» Also musse mer och jiddwerengem déiselwecht Méiglechkeete ginn, fir sech ze dokumentéieren.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. Ech hat allerdéngs matkritt, dass den Här Gutenberg net vergiess gi war.

► **M. Claude Adam (déli gréng).** - Dann hat ech do ee Moment e Lapsus.

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Dir hat do net richteg nogelauschtert. Et ass awer net schlëmm.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dat ass net schlëmm. Mä den Här Rapporteur hat en am Rucksak, also en ass hei zu Eiere komm. An d'Wuert huet direkt den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg André Bauler Merci soe fir säi Rapport an och dee geschichtleche Réckbléck, deen en eis ginn huet. Ech mengen, datt mer dee Schrack haut maachen, dat ass quasi an eiser Zäit vun haut eng Normalitéit, dat dee gemaach gëtt. Mir sinn an engem aneren Zäitalter ukomm an duerfir begrësse mer och als ADR, datt mer haut dat Gesetz hei virleien hunn, a mir wäerten dat Gesetz och duerfir stëmmen.

Ech mengen, et ass virdu vu menge Virriedner gesot ginn, datt mer müssen derfir suergen, datt all Bierger den Zougrëff op d'Gesetzter huet. Et ass och gesot ginn, datt 96% vun de Leit hei am Land en Internetuschloss hunn. Nach bleiwen da 4%, 4%, déi keen Internetuschloss hunn, déi awer kënnen op den Internet zréckgräifen, wa se dermat eens ginn, sief

et an Internetstufen oder bei Frënn oder Famill, wou se dat kënnen maachen, a sécherlech geet dann de Prozentsaz nach weider erof.

D'Fro stellt sech, ob ee fir déi puer Prozent, déi da bleiwen, déi och nach ëmmer d'Recht hunn, fir et an enger geprinter Form kënnen ze kréien, ob een duerfir awer och nach huet misse soen, datt déi eppes musse bezuelen. Ech mengen, déi Leit si jo wahrscheinlech Leit, déi sech net an deene moderne Kommunikatiounsmëttel doheemfannen. Et sinn och Leit, déi dann iergendwéi eng Démarche musse maachen, fir dat ze kréien. Et hätt ee sech kënnen virstellen, datt een do eng vereinfacht Form gemaach hätt a gesot hätt: Jiddwereen, deen dat gären hätt, dee kritt dat. Et hätt een och vläicht eventuell kënnen mat de Gemenge schwätzen, datt d'Gemengen, déi méi no bei de Bierger sinn, eventuell dat hätt gratis kënnen maachen.

Et ass op jidde Fall ënnert dem Stréch awer eng gutt Saach, wat mer haut hei maachen. Ech mengen, mir wieren och elo vläicht do ukomm, datt ee kéint weiderdenken, an zwar datt, wann een de Mémorial huet oder d'Gesetzter an engem elektronesch Mémorial-Journal elo verëffentlecht, datt een och emol misst driwwer nodenken, ob een net kéint déi Gesetzter a méi enger vereinfachter Form duerstellen, zwar net all Gesetzter, mä déi Gesetzter, déi méi vun de Leit gebraucht ginn. Ech denken do un d'Familljerecht, ech denken un d'Aarbechtsrecht, ech denken un de Logement, wou d'Leit méi kucke ginn a wou déi normal Bierger sech ganz dacks net an de komplizéierte Gesetzestexter ermëfannen, ob een also net och kéint higoen an Texter a méi enger vereinfachter Form duerstellen. A firwat net och déi Texter eventuell an enger vereinfachter Form op Lëtzebuergesch duerstellen, fir datt och all Bierger am Land déi Gesetzter ka richteg verstoen, wéi se gemengt sinn, quitte datt dee franséischen Text nach ëmmer deen ass, dee juristesches zielt?

D'selwecht kann ee sech och emol Gedanke maachen iwwert d'Schreifweis, wéi een déi Texter, déi vereinfacht Texter da géif verëffentlechen. Mir hunn och Leit, déi Problemer hu mam Liesen oder en aneren Handicap hunn, wou et haut och Moyene gëtt, fir deene Leit a méi grousser Schrëft an anerer Schrëft déi Texter zoukommen ze loosse.

Duerfir wier ech frou, wann d'Regierung sech géif doriwwer Gedanke maachen. Nodeem mer dëse Schrack gemaach hunn, mengen ech, géif et eise Land och gutt zu Gesiicht stoen, wa mer da géifen eng méi vereinfacht Form presentéieren, wou all Mënsch, egal wéi säin Zoustand ass, Accès dozou hätt.

Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. An elo huet d'Regierung d'Wuert, de Minister Fernand Etgen.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen, Ministre aux Relations avec le Parlement.** - Merci, Här President. Erlaabt mer, virop all deene Merci ze soen, déi un der Realisatioun vun dësem Projet de loi matgewierkt hunn, alle virop de Mataarbechter aus dem Service central de législation, där zoustänneger Chamberskommissioun a last but not least dem Rapporteur, deem ech wëll Merci soe fir säi prezise mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech mengen, déi vill Aarbecht an déi séier Aarbecht, déi gemaach ass ginn, déi erlaabt et eis, datt d'Gesetz, esou wéi dat geplangt war, fir den 1. Januar a Kraaft kann trieden. Den 30. Dezember 2016 wäert et dann déi leschte kéier sinn, datt de Mémorial a Form vu Pabeier ausgedeelet gëtt. Et war de Samschdeg virun 174 Joer, wéi de Mémorial kreéiert ginn ass, an ab dem Januar 2017 gesitt Der dann déi nei elektronesch Fassung, déi elo amplaz vun der Pabeiversioun d'Valeur légale kritt. An dann, mengen ech, kënnt Der lech iwwerzeegen, datt och eng Rei kleng lieserlech Adaptatiounen do virgeholl gi sinn, datt och dann de Mémorial an der Zukunft wäert eng lieserlech Form jiddefalls hunn.

Mir hunn op jidde Fall mat dësem Gesetz iwwert de Journal officiel e Quantesprong an d'21. Jorhonnert gemaach. Domadder si mer ganz an der Linn vun Regierungsprogramm. Ech zitieren do: „(...) Digitaliséierung vum Statsapparat systematesch an Ugrëff huelen, fir an Zukunft méi einfach, méi séier a méi transparent mat de Leit a Betriber schaffen ze kënnen. Mir wëllen de Bierger e sécheren, onkomplizierten a selbstbestëmmten Émgang mat informatéschen Donnéeën garantéieren.“

An deem Sënn ass och, mengen ech, d'Décioun geholl ginn, dëse Service vum Mémorial komplett ze internaliséieren. Dowéinst huet de Stat elo d'Kontroll iwwert d'legislativ Donnéeën

vun der Konzeptioun bis zur Publikatioun, wat hautdesdaags ëmmer méi wichteg gëtt.

D'Sécurité juridique an d'Sécurité électronique ginn och an dësem ganze Prozess verbessert. Dës Donnéeën sinn ënnert der Form „linked open data“ disponibel. Dat klängt elo e bëssen technesch, mä dat ass déi modernsten Aart a Weis, fir Donnéeën ze publizéieren. Dat Format bréngt mat sech, datt d'Reutilisabilitéit an d'Interkonnexioun vun den Donnéeën méiglech gëtt. Ech mengen, esou kënnen zum Beispill nei Appe ronderëm d'Legislatioun vun innovativer Leit entwéckelt ginn. An ech mengen, dat ass jo genau dat, wat den Här Fayot an den Här Gibéryen am Fong och gefrot hunn.

Ech mengen, vun eiser Säit ass jiddefalls virgesinn, datt schonn am éischte Semester vun nächste Joer ganz vill Neierunge fir de Legilux wäerten derbäikommen, e Prozess, deen, wéi d'Madamm Modert et gesot huet, schonn am Joer 2002 an d'Wee geleet ass ginn an deen duerch déi gesetzlech Dispositiounen, déi mer haut getrafft hunn, duerch dee Wee elo ka konsequent jiddefalls ausgebaut ginn.

Duerch all dës Mesurë gëtt awer net nëmmen och d'Sécherheet garantéiert, mä duerch d'Internalisatioun gëtt och och um Budget gespuert. Souwuel fir den interesséierte Bierger wéi och fir d'Leit am juristeschen a legislativen Domän, déi do schaffen, bleift awer den Accès zu der Lëtzebuurger Legislatioun gratis, en Accès, dee jiddefalls an der Zukunft méi performant a méi benotzerfrëndlech gëtt wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Ech soen lech Merci fir eng breet Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann iwwert de Projet de loi 7067 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7067 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo. Domat ass de Projet de loi 7067 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes José Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour vun de Mëtten iwwergoen, dem Projet de loi 7073 iwwert d'Erweiderung vum schouleschen Ugebuert vum Lycée technique Michel Lucius. An de Rapporteur, den Här Lex Delles, ass scho bal prett. Dir hutt d'Wuert, Här Delles.

11. 7073 - Projet de loi concernant l'extension de l'offre scolaire du Lycée technique Michel Lucius et modifiant sa dénomination

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deene leschte Wochen a Méint gouf hei an der Chamber vill iwwert d'Méissproochegkeet debattéiert. Et ass an deenen Diskussiounen souwuel ëm déi Lëtzebuurger Sprooch wéi och ëm den Émgang mat de sougenannte Friemsproochen hei am Land gaangen.



Et gounch och vill iwwert d'Heterogenitéit vun eise Schüler rieds an iwwert dee besonnenesche Rôle, deen d'Schoul an eiser Gesellschaft anhëlt, fir Kanner mat ganz ënnerschiddleche Kulturen a Mammesproochen zesummenzeféieren. Dass dat net ëmmer einfach ass, schéngt mer awer evident. Trotzdeem gëllt et och an Zukunft weiderhin ze kucken, wéi mer all de Kanner déi nämlecht Startchancë bidde kënnen, a kee weinst enger anerer Mammesprooch hänken ze loossen.

Mir därefer einfach net zouloossen, dass déi sproochlech Barrieren, déi sécherlech am Ufank fir eng Partie Schwierigkeete suergen, sech ewéi e roud Fuedem duerch dee ganze Schoulparcours vun engem Eenzelnen zeien an deem Schüler och nach spéider vill Steng an de Wee leeën.

Här President, och bei dësem Projet de loi spillen d'Sproochen duerfir erëm eng gréisser Roll, dës Kéier awer virun allem d'Englescht.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dëse Projet de loi gesäit nämlech vir, fir ab der Rentrée 2017 d'Schouloffer vum Lycée technique Michel Lucius mat enger englescher Filière ze erweideren, enger sougenannter „International School Michel Lucius“.

De Lycée selwer gëtt dann direkt mat ëmgedeeft an heescht an Zukunft just nach „Lycée Michel Lucius“.

An där englescher Filière, déi op e Pilotprojet aus dem Joer 2011 zrëckgeet, ginn da souwuel Schüler aus dem Enseignement primaire wéi och aus dem Enseignement postprimaire, also de Lycéeën, ënnerriicht. D'Langue véhiculaire ass a béide Fäll d'Englescht.

Esou eng international Komponent ass am Fong näischt Neies am Lëtzebuerger Schoulsystem. Schon d'Gesetz vum 21. Juli 2006 huet et der deemoleger Regierung erlaabt, internationale Klassen ze schafen, déi op e Bac international préparéiert hunn. Och huet d'Gesetz vum 26. Februar 2016, mat deem d'École internationale publique vun Déifferdeng an d'Liewe geruff gouf, dozou bäigedroen, eis Schouloffer weider ze diversifiéieren an de linguistesche Realitéiten an Demanden zu Lëtzebuerg unzepassen.

Madamm Presidentin, d'Heterogenitéit vun eiser Schoulpopulatioun ass zwar ouni Zweifel eng grouss Chance fir eis Gesellschaft, ma se zielt awer zu deene gréissten Erausforderungen, deene mer hautdesdaags an eise Schoule begéinen. Duerfir hunn ech schon deemools a menger Ried zur Internationaler Schoul vun Déifferdeng gesot, dass et dem Stat seng Verantwortung wier, den effentleche Schoulsystem esou auserichten, dass all Kand onofhängeg vu sengem sproochlechen oder kulturelle Background d'Chancë kritt, an eise Schoulen ze réusséieren.

Dëst ass, wéi gesot, scho schwéier genuch fir d'Kanner, déi hire ganze Schoulparcours hei zu Lëtzebuerg maachen. Mir wësse jo, dass ëmmer manner Kanner hei am Land scho vun doheem aus Lëtzebuergesch schwätzen. Duerfir gëtt sech opsäite vum Éducatiounsministère vill Méi gemaach, dee Retard esou séier wéi méiglech opzehuelen.

Et ginn awer och Schüler, déi komme vu méi wäit a bleiwen nëmme kuerz hei. Fir déi gëtt et ëmsou méi schwéier, sech an eiser méisproocheger Grondschoul zurechtzufannen. Déi fréi Alphabetisatioun op Däitsch an d'Aféierung vum Franséische kann déi Kanner emol séier iwwerfuerderen, wa se virun nach guer kee Bezug zu iergendenger vun deene Sproochen haten an da matzen am Cycle 3 oder 4 dermat konfrontéiert ginn. Ech denken dobäi virun allem un déi Kanner, déi am Moment Demandeurs de protection internationale sinn oder déi nëmmen eng kuerz Dauer hei zu Lëtzebuerg bleiwen. Fir déi mécht den traditionelle Schoulsystem mat senger Sprooch weéne Sënn.

D'Mise en place vun esou enger anglofoner Filière, wéi se dëse Projet de loi virgesäit, ass also als e weidere Schrëtt a Richtung vun enger méi differenziierter Schouloffer unzegesinn, déi de Realitéite vun haut och Rechnung dréit. Mat e bësse Recul kann een och soen, dass d'Offer vun internationale Schoulen en Atout fir de Standuert Lëtzebuerg ass. Eng breet opgestallte Schouloffer an differenziéiert Bildungsweeër ginn ëmmer méi en entscheidend Argument, wann et heescht, sech fir dat eent oder aner Land ze entscheiden.

Grad déi englesch Sprooch als Weltsprooch ass d'Mammesprooch vu villen auslännesche Matbierger, déi vu méi wäit op Lëtzebuerg schaffe kommen. Grad dës Eltere sinn op der Sich no effentleche Schoulen, déi hire Kanner en internationalt Ëmfeld bidden an zugläich oppen a bezuelbar sinn. Op déi nei International School Michel Lucius trifft béides zou. Et ass keng Eliteschoul fir Héichbegabter oder Besserverdén-

ger. Et ass eng ganz normal effentlech Schoul wéi all déi aner. Si huet just eben en aner Sproochekonzept.

Dass eng reell Demande un esou effentleche Schoule besteet, beweist och d'Unzuel vun den Inscriptiounen, déi ëmmer weider an d'Luucht geet. Sou war et 2011 am Michel Lucius nëmmen eng international Klass, déi virgesi war, mat 14 Schüler. D'Joer drop waren et schonn zwou Klassen mat 28 Schüler. Dës Rentrée zielt déi international Filière ganzer 16 Klasse mat ronn 400 Schüler.

Madamm Presidentin, den englesche Schoulsystem, esou wéi en och am Michel Lucius ugebuede gëtt, fousst op dräi Certificaten. De Schoulparcours gëtt souzeso an verschidden Abschnitter agedeeft, um Enn vun deenen een da jee weils een Diplom ka kréien. Et sinn der wéi gesot dräi: Den „General Certificate of Secondary Education“, deen de Schüler hiert Wësse vu Septième bis Troisième sanktionéiert; da gëtt et den „Advanced Subsidiary Levels“ an den „International Advanced Subsidiary Levels“, genannt „A-Levels“. Dës Diplomer ginn no der Deuzième ausgestallt. Zum Schluss kommen dann nach „A-Levels“, dat ass den „General Certificate of Education Advanced Levels“ an den „International General Certificate of Education Advanced Levels“, déi een no der Première kritt.

Fir weider Detailer zu dësem interessante Schoulsystem...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Et deet mer leed, et deet mer leed!

..verweisen ech gären op mäi schréffleche Rapport. Ech kéint nach eng Kéier vu vir ufänken.

Wichtig ze bemerken ass awer trotzdeem an dësem Projet, dass all dës Certificaten net nëmmen a Groussbritannien, mä och nach an 125 anere Länner ronderëm d'Welt unerkannt sinn. Dëst ass ëmsou méi wichtig, well mer jo wëssen, dass vill Schüler aus deene Klassen hire Schoulparcours aus diverse Grënn hei net ofschléissen. Duerch déi verschidden internationale unerkannt Certificate kënnen d'Schüler also an der neier Schoul direkt do usetzen, wou se hei zu Lëtzebuerg dann opgehalen hunn. De leschten Diplom, also den „A-Levels“, ass souguer equivalent mat enger lëtzebuergescher Première, well dësen Diplom och ënnert d'Lisabonner Konventioun fält.

Madamm Presidentin, an der Kommissioun gouf d'Fro opgeworf, firwat d'Grondschoul an där neier Filière iwwer sechs Joer geet, wa se an den europäesche Schoulen nëmmen iwwer fënnf Schouljoer geet. Mir kruten doropshi vum Ministère geäntwert, dass et drëms géif goen, ebe just déi zwee Schoulsystemer esou vill wéi méiglech openeen ofzestëmmen. Zudeem géif och weiderhin d'Méiglechkeet bestoen, éischter an de Lycée eriwuerzegoen, wann d'Schüler da schonn esou wäit sinn.

Och gouf gefrot, wéi dann d'Kompetenzen tëschent der Direktioun vum Lycée an dem Inspektorat opgedeelt géife ginn. Ma do ass et ganz kloer, dass d'Personal vun der Grondschoul der Direktioun vum Lycée ënnerläit an dass den Inspektor sech ëm d'Enfants à besoins spécifiques këmmert.

Madamm Presidentin, de Moment, wou ech de Rapport geschriwwen hunn an en an der Kommissioun war, hate mer just den Avis vum Statsrot virleien, dee keng gréisser Bedenken zu dësem Projet de loi geäussert huet. Op Kleeschersdag kouw dunn nach den Avis vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics. Och si sinn zefridde mat dësem Projet de loi, an deem ebe grad elo d'Base légale geschaaft gëtt, fir am Michel Lucius eng englesch Filière opzemaachen. Si maache sech allerdings e bësse Suergen, wat de Rekrutement vun den Enseignanten ugeet. Si sinn zudeem der Meinung, dass kee Fonctionnaire oder Employé dierf gezwonge ginn, an esou engleschsproochige Klassen ze enseignéieren, ausser natierlech, wann et ëm d'Fach Englesch geet.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Rapporteur Lex Delles. Als éischt ageschriwwen Riednerin hunn ech d'Madamm Martine Mergen. Madamm Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol vun der CSV-Fraktioun och en härezechte Merci un den Här Lex Delles fir säin ausféierleche schréfflechen an och fir säi mëndleche Rapport.

Dëst Gesetz ass dat zweet, wat den Éducatiounsministère dëst Joer virleet, fir de Schüler an enger effentlecher Lëtzebuerger Schoul, also gratis, eng Alternativ ze bidden, deene Schüler, déi aus sproochleche Grënn an enger Lëtzebuerger Schoul Problemer hunn oder hätten.

De Besoin fir esou eng Offer läit op der Hand. Mir sinn e Land, wat mat oppenen Aerm a mat villen Atraiten och Mënschen aus der ganzer Welt unzett. Dat spigelt sech an eisen Ausländerquoten zrëck. Dës Leit kommen also entweder aus berufflechen Ursachen op Lëtzebuerg, si kommen, well se bei ons op eng besser Zukunft hoffen, oder awer si kommen, well si weinst Krich a Misär aus hire Länner verjot gi sinn.

D'Partikularitéit bei ons am Verglach zu eisen Nopeschlänner ass déi, dass keen - ech widderhuelen: keen! - vun deene Leit ons Mammesprooch schwätzt. Dat dierft a Frankräich, an Däitschland, an England schonn emol de Fall sinn. Wou hätte se och solle Lëtzebuergesch léieren? Dat ass e Problem, deen och wesentlech méi grouss ass wéi an onsen Nopeschlänner, well se nëmmen eng Sprooch an deene Länner musse léieren.

An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro vun der Madamm Hansen huet de Minister Detailler ginn zum Ausmooss vun der Problematik. Nëmme ronn d'Halschent vun de Kanner am Secondaire kommen aus eesproochige Lëtzebuerger Familljen, 25% kommen aus Familljen, wou nëmme Portugisesch geschwat gëtt. Dann hu mer nach 5,6% franséisch Monolinguen, 5% südslawescher - dat entsprécht ongeféier Exjugoslawien -, déi aner Undeeler si méi geréng. 19% vun de Kanner sinn an engem zweesproochigen Ëmfeld opgewuess, woubäi hei an deene meeschten, awer net an alle Fäll Lëtzebuergesch eng vun deenen zwou Sproochen ass.

An där nämlechter Äntwert gëtt dann och op eng aner Etüd bei Entrepreneuren agaangen, eng Etüd, déi gemaach ginn ass bei Entrepreneuren, déi hei zu Lëtzebuerg usäseg sinn, bei hiren Employéen. Hei och eng Selektioun vun de Constaten: 27% vun de Leit hu bei dëser Ëmfro geäntwert, dass si sech fir d'Lëtzebuerger effentlech Schoul decidéiert hunn, an dat sinn der net vill! 60% sinn der Meinung, dass d'Offre scolaire kéint eng Ursach sinn, fir sech net zu Lëtzebuerg néierzeloossen, 87% schätzen, dass onse Sproochesystem déi gréisst Schwierigkeet am Schoulcurriculum ass. Dat sinn der awer vill!

Zu dëse potenzielle Clientë kommen dann awer och nach all déi derbäi, déi an deenen zwee leschte Joer haaptsächlech als Flüchtlingen hei an d'Land komm sinn. Hei ass Englesch kloer déi am heefegste bekannte Sprooch, sief se aus dem Irak oder aus Afrika. A souguer déi jonk, loosse mer se emol „Exjugoslawen“ nennen, déi nach ëmmer dee gréisste Grupp vun Demandeur-d'asile sinn, schwätzen am heefegsten Englesch als zweet Sprooch. Souwäit dann zum Volet vun der Demande.

Wat d'Offer, déi bis ewell do ass, betrëfft, esou gëtt et schonn elo eng Rei Méiglechkeeten. Ech wëll mech awer op déi anglofon Offer limitéieren, well dat jo haut onse Sujet ass.

D'Europaschoul huet eng laang Traditioun hei zu Lëtzebuerg. Si ass ugesidelt ginn am Gepäck vun deenen éischten europäeschen Institutiounen. Si ass schonn an hirem drëtten Gebai a si huet nach ëmmer méi Kandidature wéi Plazen, obwuel dës Schoul net gratis ass. Si ënnerläit der Europäescher Kommissioun, d'Gebaier gi vun onsem Stat zur Verfügung gestallt an d'Eltere bezuele Minerval, ausser déi, bei deenen entweder eng europäesch Institutioun oder d'Firma de Minerval fir hir Employéen iwwerhëlt. Den Ofschloss vun der Europaschoul ass e Bac européen.

Dëse Schoulsystem ass dann am Januar dëst Joer iwwerholl ginn an der Internationaler Schoul vun Déifferdeng. Dës - dat ass och kee Projet, mä dat ass e Fait - baséiert sech och op de Prinzip vun der europäescher Schoul, mat deem net onwesentlechen Ennerscheed awer, dass se an dësem Fall gratis ass. Och e gratis internationale Bac kritt een hei an der Stad am Kolléisch. Och do gëtt et dat elo schonn, ech mengen, et ass elo vu Quatrième bis Première, wou d'Schüler kënnen e Bac-international-Curriculum suivéieren. Et ass awer, souwäit ech informéiert gi sinn, virgesinn, dass och hei bis op Septième soll e ganze Curriculum geschaf ginn.

Schon am Joer 1963 ass de Virgänger vun der heiteger International School of Luxembourg entstanen, deemools als Betribschoul vun Dupont de Nemours. Och si huet, obwuel och hei de Minerval net onwesentlech ass, e grouss Succès.

Schliisslech sollte mer awer nach eng aner Privatschouloffer net vergiessen, besonnenesch net, well hire System wuel vun all deenen, déi ech elo zitéiert hunn, am nooste bei deem läit,

deen am Michel Lucius soll offréiert ginn, an dat ass d'St George's School. Och si ass am Verlaf vun hirer Geschicht e puermol geplënnert. Si ass elo zu Hamm. Si steet mir besonnenesch no, well ech mech als fréiere Schoulschaff vum der Stad derfir agesat hat, dass mer sollten eng Plaz fir si an der Stad fannen. Si huet déi nämlecht enk Uleenung un den englesche Schoulsystem, wéi dat och beim Michel Lucius de Fall ass, a si huet exakt déiselwecht Akkreditationspartner am Vereenegte Kinnekräich. Si freet net onwesentlech „fees“ vun den Eltere vun hire Schüler, mä si ass trotzdeem ëmmer ganz besat.

Am Resümee kann ee soen, dass eng Offer do ass, ma zum gréissten Deel ass dës Offer mat héije Käschte verbonden fir d'Elteren, dat besonnenesch, wa si méi wéi ee Kand hunn. Et kann ee soen, dass an den ieweschte Klasse pro Joer a pro Kand tëschent 13.000 a 17.000 Euro ze bezuele sinn. Wann een zwee Kanner huet an et mécht een e ganze Secondairescurriculum an esou enger Schoul, dat gëtt ongeféier de Präis vun zwee Autoen, wann een dat esou dierf vergläichen.

Dat ass dann och déi éischt Ursach, firwat mir als CSV dëse Projet hei ënnerstëtzen. Mir mengen, dass et am Sënn vun der Chancëgläichheet positiv ass, dass eng englesch Education vun der effentlecher Hand ugebuede gëtt, déi fir Matbierger aus alle soziale Schichten op ass. A loosse mer ons näischt virmaachen: Et ass eng englesch Education! Dofir sinn ech och net ganz mam Rapporteur d'accord, mat mengem Virriedner d'accord, dee gesot huet, dass deen eenzegen Ennerscheed wier, dass et op Englesch wier. Et ass schonn e ganz anere Schoulsystem, wéi e bei ons am Secondaire normalerweis offréiert gëtt.

Et gëtt oft gesot, d'englesch Schoule wieren déi besch vum der Welt. U wat läit dat? Firwat ass dëse Schoulsystem esou attraktiv? Et kann net nëmmen un Hogwarts leien, dass mer ons och hei am Land ëmmer méi fir den englesche System interesséieren. An et gi ganz sécher an de leschten 10 bis 15 Joer vill méi Lëtzebuerger Studenten an England op d'Uni, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Als éischt Ursach kann ee sécher d'Langue véhiculaire selwer nennen. Englesch ass op d'mannst fir ons Europäer lichter ze léieren a gëtt och, wann net iwwerall, dann awer bal iwwerall verstanen a geschwat. Op internationale Meetinge gëtt ëmmer gesot, wa keen Iwwersetzer do ass: „The common language of this meeting will be bad English.“ An dat ass och esou de Fall. Englesch huet sech och mëttlerweil als international Sprooch vun de Wëssenschaften duerchgesat a gëtt och a Länner, déi eng aner Mammesprooch hunn, als Langue véhiculaire op der Uni benotzt. Si ass och d'Sprooch, an dat ass fir ons Jugend attraktiv, vun der Musek a vum Rock 'n' Roll.

Déi zweet Ursach läit awer sécher am Schoulsystem selwer. An englesche Schoule gëtt de Curriculum vill méi flexibel un d'Schüler ugepasst. Si gi vun hiren Tuteuren duerch de ganze Curriculum enk suivéiert. Dës perséinlech Betreuung erlaabt et, Lacunen zur Zäit ze erkennen an ze stoppen. Mat deem System gëtt et also kaum „failures“, also kaum Versoen. De Frust vum Versoe fält fir d'Schüler ewech. Et ginn och kaum Redoublanten.

Ech hunn de Moie mam Direkter vu St George's geschwat. Hien huet mer Statistike gewise vun de Resultater, déi op engem Site effentlech zougänglech sinn. An hien huet, wéi e vun deene méi schlechte Schüler geschwat huet am Verglach zu deene ganz ville gudden a ganz ville mëttlere Schüler, net gesot: „Dat sinn ons schlecht Schüler.“ En huet gesot: „Dat do bedeit fir ons nach vill Aarbecht.“

Dëse Verglach sollt ons a verschidden Hisiichten, mengen ech, ze denke ginn! Ech mengen, mir kéinten ons dach awer an Zukunft vläicht un engem Schoulsystem, deen international esou vill Succès huet, méi staark inspiréieren.

Mir sollten ons och froen, ob den englesche Curriculum, deen elo ugebuede gëtt, net och vläicht fir eng Rei Lëtzebuerger, lëtzebuergesch Lëtzebuerger, méi attraktiv kéint sinn, well de Bac gezilt op d'Uni préparéiert. Mat nëmmen dräi Fächer an der „A-Level“, an der leschter Klass, ass den Niveau e ganz, ganz héijen a vläicht domat eng besser Viraussetzung fir e Studium, wann een da scho weess, wéi ee Studium ee wëllt maachen. Well et ass terribel spezialiséiert, et ass eng fréi Spezialisierung, am Géigesaz, jiddefalls an hirem Ausmooss, vill méi fréi wéi bei ons an de Schoulen.

Bei engleschen Unien ass et haut schonn esou, dass den Niveau vun der Première an de Stu-



diefächer vun onse Schoulen esou just duer-geet. Vläch, an dat mengen ech awer als Bou-tade, vläch huele jo deemnächst d'Lëtzebuer-ger am Michel Lucius den Auslänner d'Plazen ewech. Mä op de Punkt vun de Critères d'ad-mission wëll ech nach méi spéit eemol zrëck-kommen.

Den Här Rapporteur huet schonn de Lycée an de Projet ausféierlech beschriwwen. Ech ka mech dofir dobäi kuerzfaassen.

Wat am Oktober 2011 als Experiment, als Pro-jet ugefaangen huet, huet sech zu engem rich-teen zweete Standbee vun där Schoul ent-wéckelt. An aus dësem Standbee wäert wuel iwwer kuerz oder laang déi richteg Vokatioun ginn, wann een déi rasant Entwécklung vun der Schülerzuel verfolgegt. Et gouf also Zäit, dës Projet ze institutionaliséieren, well d'De-mande an den nächste Jore sécher net wäert ofhuelen, éischter zouhuelen. Dofir dës Projet mat all sengen Neiegeketen, déi de Rapporteur schonn erimmt huet: en neien Numm, eng Ausweidung op de Fondamental, eng Op-stockung vun den Effectiven.

Mir wëllen zwou Zorte Bedenken zum Aus-drock bréngen. Mir stellen ons Froen iwwert d'Critères d'admission. Dat huet d'Madamm Hansen schonn an der Diskussioun gesot iwwert déi Déifferdenger International Schoul. Et solle keng geografesch Kritären hei gëllen, esou wéi dat allgemeng bei ons am Secondaire de Fall ass, wat jo eigentlech och normal ass, well d'Schüler, déi wierklech dréngend esou e Curriculum brauchen, komme jo net nëmmen aus der Stad. D'Fro ass just, ob et dann no der Regel geet „first come, first served“. Oder ass et ganz eleng d'Schoul, déi d'Décisiounen hëlt?

Do menge mir, dass déi Prozedure mussen op eng transparent Aart a Weis gehandhabt ginn. Wa keng Kritäre bestinn, kéint dat soss zu arbi-trären Décisiounen féieren. Domadder si mir awer net d'accord bei enger öffentlecher Offer, déi séier riskéiert, méi Kandidaten ze kréien, wéi se der packt.

Mir freeën ons och driwwer, dass virgesinn ass - dat ass dat zweet Bedenken -, dass d'Kanner iwwert de ganze Parcours all Joer hir Réussite zertifizéiert kréien, esou wéi se och fir déi dräi lescht Joer separat en Ofschlossdiplom kënne kréien. Dat ass sécher eng Hëllef, wann eng Famill esou en Diplom brauch, fir op enger gläichwäerteger Schoul am Ausland weiderze-fueren, wéi den Här Delles et scho preziséiert huet.

Mir froen ons awer, wat déi Zwëschenzertifika-tiounen respektiv déi Diplomer fir Kanner, fir Schüler a Studenten, déi hei zu Lëtzebuerg wëlle bleiwen, wäert sinn, wann et net zu engem Ofschloss a Form vun engem Bac, also vun engem „A-Level“ kënnt. Wéi berufsfäeg sinn déi Kanner hei am Land, zum Beispill mat engem „General Certificate of Secondary Edu-cation“? Wéi sollen dës Kanner an eng Lëtze-buerger Berufsausbildung erakommen, wa se all hir Fächer op Englesch kennen? Ech mengen, déi Debatt ass och an der Kommis-sioun gefouert ginn. Mir mengen, dass een och geziilt op dës Kanner - esou wéi déi Efforten, déi bis elo gemaach gi sinn op aneren Ni-veauen - mat enger engleschsproocheger Be-rufsausbildung kann zoukommen.

Ech wollt dann och als Stater nach eemol nofroen, wéi et mam weidere Verlaf vum Cam-pus Lampertsbiert ass. Dat gehéiert zwar vläch éischter an d'Gemeng, mä ech froen et awer beim Minister. Mir wëssen, dass de Lam-pertsbiert dee Quartier oder ee vun deene Quartieren an der Stad ass, dee matzen am Quartier eng ganz grouss Quantitéit vu Schou-len huet. Domadder ass de Verkéier an dësem Quartier bal net méi ze erdroen. D'Liewensqua-litéit vun de Bierger leit dorënner an dofir wollte mer dat nach eemol och hei nofroen.

Ech wollt ofschléisse mat der Remarque, dass mir dës Projet, dee jo da kee Projet méi ass, wäerte mat vill Opmierksamkeet verfolgegen, well mir mengen, dass et eng Äntwert op en essenzielle Besoin vun deene Mënschen ass, déi bei ons an d'Land kommen, mä zweetens, dass dee System och kann attraktiv si fir Lëtzebuer-ger. Ech hunn lech scho gesot, aus wellechen Ur-saachen.

Op de Lycée Michel Lucius kënnt ganz sécher an noer Zukunft vill Aarbecht zou. Mir wën-schen him dobäi ganz vill Gléck!

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hä-ren, ech ginn dann aus all deenen Ur-saachen d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dë-sem Gesetz a soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Bonssel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Mergen. Als nächst ageschriwwen Riednerin hunn ech d'Madamm Burton. D'Madamm Burton ass am Dauerassaz. Madamm Burton, Dir hutt erëm d'Wuert.

► **Mme Tess Burton** (LSAP). - Jo, Merci, Ma-damm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolle-gen, fir d'Éischt Merci dem Rapporteur, dem Lex Delles. Hien huet de Projet, ëm deen et hei geet, gutt resüméiert a mat Zuele beluecht. Ech wäert mech also duerfir och kuerzfaassen.

Mir hunn de 24. November hei an der Cham-ber iwwert d'Méisproochegkeet an eise Schoule geschwat. An net méi spéit wéi d'lescht Woch hate mer en Débat iwwert d'Kompetitivitéit vum Land. Mat deem Projet, dee mer haut hei stëmme wäerten, maache mer an deenen zwee Beräicher Neel mat Käpp. Mir erweideren eis schoulesch Offer fir déi engleschsproocheg Communautéit am Land a féerden domat och d'Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg.

Mir benotzen hei am Land dräi verschidden offiziell Sproochen. An derbäi kënnt ëmmer méi d'Englescht, eng Sprooch, déi vill bei eis am Land geschwat gëtt, an den europäeschen Institutiounen, am Beräich vun der Recherche an natierlech och op eiser Finanzplaz. Fir d'Kanner vun den Elteren, déi op deene Plaze schaffen, gëtt et den Ament virun allem Pri-vatschoulen, déi hinnen engleschsproocheg Coursen ubidden. Déi Privatschoule sinn awer alleguerten net bëleg. Net bëleg, jo! De Stat huet awer d'Responsabilitéit, fir ze garantiéren, dass déi Kanner, deenen hir Eltere sech keng Privatschoul leeschte kënnen, eng Schoul-offer an enger öffentlecher Schoul ugebuede kréien, déi si net weinst Sproochekenntnisser diskriminéiert.

An d'Zuele schwätze fir sech, wa mer eleng kucken, dass et am Lycée Michel Lucius 2011 fir d'Éischt, wéi déi englesch Sproochecoursen ugelaft waren, 16 Schüler waren an et der haut, fënnf Joer drop, ronn 400 sinn. Derbäi kënnt, dass et net onméiglech ass, souguer wahr-scheinlech ass, dass an den nächste Joren nach méi engleschsproocheg Leit op Lëtzebuerg komme weinst dem Brexit.

Mir verstinn, dass et natierlech ganz schwéier ass, haut ze wëssen, wat fir en Impakt dat op eis Finanzplaz an och op eis Schoule wäert hunn. Mä et ass awer wichteg, dat ze iwwer-waachen an ze versichen, verschidde Prognos-en opstellen, fir dass mer duerno net op eemol iwwerrascht ginn. Duerfir begrëisse mir et generell als LSAP, dass d'Offer un engem englesche Schoulkursus mat deem heite Gesetz erweidert gëtt.

Mir begrëissen et och, dass de Ministère dem Lycée Michel Lucius elo eng formell legal Base gëtt, fir den engleschsproochegen Programm ze enseignéieren, den „General Certificate of Secondary Education“ an déi sougenannten „A-Levels“. Domat kompletteiere mir d'Offer, déi et am Stater Athénée scho gëtt, wou de Bac international als engleschsproochegen Pro-gramm ugebuede gëtt. Déi Programmer sinn international unerkannt an dat an net manner wéi 125 Länner op der Welt, wéi de Rapporteur dat och scho genannt huet.

Elo kann ee kritiséieren, dass d'Integratioun fir déi concernéiert Schüler méi schwiereg gëtt, well se keng vun deenen dräi offizielle Sproo-chen als Langue véhiculaire, mä als zweet Sprooch benotzen. Mä geléngt eis d'Integra-tioun da besser, wa mer stur an der öffentle-cher Schoul verschidde Realitéiten ignoréieren an d'Kanner forcéieren, hir Schoul a Sproochen ze maachen, déi se nach guer net kënnen?

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Tess Burton** (LSAP). - A wéi ass et mat Schüler, déi nëmmen e puer Joer am Land sinn, wou d'Elteren no enger Zäit nees en-zwousch anescht schaffe ginn? Misste se dann do och nees eng komplett nei Sprooch léieren, fir an der Schoul kënnen nozekommen? A wéi ass et mat den Demandeurs d'asile, déi haut virun allem aus Länner wéi Syrien, dem Irak oder Afghanistan kommen? Déi Jonk aus deene Länner hu guer kee Bezuch zum Franséschen oder zum Däitschen a scho guer net zum Lët-zebuergeschen, duerfir awer oft zum Engle-schen. Mir hunn eng Obligatioun, all deene Kanner eng anstänneg schoulesch Ausbildung ze garantéieren. Et geet hei virun allem ëm d'Wuel an d'Entwécklung vun deene Jonken. An dat ass d'Zil, dat mer musse virun Ae be-halen!

Da wëll ech zum Schluss nach gären de Mini-ster froen - d'Martine Mergen hat et och scho kuerz ugeschwat -, wéi et ausgesäit mat engem eventuellen neie Gebai fir de Lycée Michel Lu-cius. Ginn et do schonn Detailer? Gëtt et do och eng Zäitschinn?

Dëst gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Burton. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng). - Merci, Ma-damm Presidentin. Mir schwätzen dann eben haut iwwert den neien „Lycée Michel Lucius“. Bis elo oder bis an enger Véierelstonn war et nach den „Lycée technique Michel Lucius“. An dat ass eng Schoul, wou ech mech e bëssen in-forméiert hunn, déi scho laang gutt an innova-tiv schafft. Do gëtt et Classes d'insertion pour jeunes adultes, et gëtt eng Septième musicale, si maache beim Digital Classroom Lëtzebuerg mat an niewent de soi-disant normale Klassen, déi all Lëtzebuerger Lycée technique ubitt, gëtt et dann och, an dat ass vu menge Virriedner hei beschriwwen ginn, eng Sektoun, en eng-lesche Curriculum, dee sech enger ganz grou-ser Beléiftheet kann erfreeën. D'Schülerzuelen, déi sinn enorm eropgaangen, zënter datt de Projet gestart ass.

Et gëtt natierlech och eng Rei Ënnerscheeder zu aneren engleschsproochegen Offeren hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng öffentlech Schoul, also den Unterrecht ass gratis. An ech fannen, dat kann een net genuch betounen, wann ee vun den Offeren hei schwätzt, déi en anere Sproo-chereregimm hu wéi eis öffentlech Schoul. Déi meescht, déi allermeescht sinn nun emol ein-fach deier an net zougänglich fir all Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt a schafft!

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la prési-dence.**)

Mir hunn dës Offer och net genau der type-scher englescher Offer ugepasst. Mir hunn d'Altersstufe méi un de Lëtzebuerger Schoul-system ugepasst: d'éischt Schouljoer mat sechs Joer an net mat fënnf Joer. Mir lafen also pa-rallél zu der Lëtzebuerger Schoul. An och déi aner Sprooch ginn alleguerten hei geléiert, souwuel Lëtzebuergesch wéi Däitsch wéi Fran-séisch. Et kann ee sech och... Et ass e bësselche schonn driwwer spekuléiert ginn: Wou kom-men déi Leit hier, déi hir Kanner bei eis an déi dote Schoul zum Beispill schécken? Ma ech mengen, déi kommen aus alle Schichten. Déi kommen och vun allen Natiounen. Dat sinn zu engem groussen Deel net Engländer, mä Leit, déi aus Länner kommen, déi éischter dem eng-lesche Sproocheregimm méi opstinn, déi do méi Einfachheet hunn, fir sech an där Sprooch auszudrécken.

Mir sinn als Gréng frou iwwert déi nei Weeër, déi de Minister geet mat senge Leit. Mir hu be-gréisst, datt mer eng International Schoul zu Déifferdeng kréien. Mir wëssen, datt et e Bac international am LTC, am Athénée gëtt. Mir wëssen, datt déi Demande risegrouss ass, a mir mengen, datt et duerfir och ganz wichteg ass, datt mer eise Schoulssystem méi breet opstel-len.

Et ass awer och eng ganz spannend Erausfuer-derung. An der Éducatiounskommissioun, wéi den Här Minister sech iwwert de Sënn an Onsënn vun der PISA-Etüd fir eist Land geäus-sert huet, wéi mer dat e bëssen debattéiert hunn - Onsënn ass et, wa mer eis Resultater direkt vergläiche mat deene vun anere Länner, well mer ebe ganz aner Konditiounen hunn, sënnavoll ass et an eisen Aen awer, well mer ganz vill geléiert hunn am Beräich Monitoring, am Beräich Fuerschung an och am Beräich vun der Datenerhiewung, déi mer brauchen, fir eis Schoul ze plangen -, do ass gesot ginn, och vum Minister, an ech kann em nëmme recht ginn, datt et natierlech am Intérêt ass vun ei-sem Ministère de l'Éducation nationale, vun ei-ser Schoul, fir all Schüler do ze fuerderen, wou mer se hunn.

An dat heescht bei där grousser Heterogenitéit vu Schüler, datt mer eis mussen opmaachen an de Sproocheregimmer, datt mer musse prett sinn, fir verschidde Filiären unzebidden, datt mer net aus deem Sproocheräichtum, dee mer hunn, verschidde Schüler oder allze ville Schüler e Bee stellen däreferen an deenen et net erméiglechen, zu engem Schoulofschloss ze kommen. Mir gesinn dann, datt déi heite Schoul, mam neien Numm Lycée Michel Lu-cius, dann och dee Wee hei geet, an dat fanne mer gutt.

Ech maachen dann och eppes, wat an der Poli-tik éischter seelen ass: Ech revidéieren Aussoen, déi ech selwer gemaach hunn an der Interpel-latioun iwwert d'Sproochevillfalt. Ech hat do gemengt, datt d'Situatioun nach zu Lëtzebuerg wier, datt nach duebel esou vill Schüler vun eis géifen a Frankräich an an d'Belsch studéiere goen. Dat ass awer nëmme relativ richteg gewiescht. An absoluten Zuele mag dat stëm-men, mä ech hat awer net genuch der Tat-saach Rechnung gedroen, datt an eise leschte Statistiken, déi mer hunn, och déi Non-rési-denten afléissen. A wann een effektiv d'Non-ré-sidenten erauserechent, da sinn zwar nach méi Schüler vun eis an der Belsch an a Frankräich

wéi zum Beispill an Däitschland, mä déi Zuele kommen awer méi no uneneen.

Duerfir mengen ech, datt et derwäert ass, fir sech nach eng Kéier intensiv mat deenen Zue-len ze befaassen. Mir haten zu Lëtzebuerg tra-ditionell ganz schlecht Statistiken, wat eis Studenten am Ausland ugeet. D'Situatioun ass besser ginn, virun allem duerch d'Aféierung vun de Bähillefen, déi mer de Studenten aus-bezuelen. Mir fänken elo un, Material ze kréien, op dat mer eis kënne verlossen. Mä ech mengen, datt et ganz wichteg ass, datt mer eis nach domat auserneeetzen.

Dat ass also deen Deel, wou mer musse kucken, fir eise Sproocheregimm opzemaachen a villes zouzeloossen. Mä natierlech stellt sech dann och d'Fro, an déi huet och d'Virriednerin vun der CSV gestallt: Wéi ass et dann, wa mer wëlle wiesselen, wa mer vun deem enge Schoulssystem an deen anere wëllen iwwer-goen? Dat gëtt natierlech ëmmer méi span-nend. An da kommen ech nach eng Kéier drop zrëck, wat den Här Meisch gesot huet, och an där Éducatiounskommissioun: En ass net nëmme Minister, fir ze kucken, datt d'Schüler alleguerten zu engem Ofschloss kommen, mä en ass och Minister vun engem Land, vun enger Éducation nationale. Dat heescht, mir mussen effektiv och nach kucken: Wéi kréie mer dann dat alles nach zesummegehalen?

Ech mengen, dat sinn och spannend Froen. A mir sinn als Gréng op fir eng Diversifizéierung, ech hunn dat elo schonn e puermol gesot. Mir sinn der Meenung, datt mer eng öffentlech Schoul fir all eis Kanner brauchen. All Kand, wat zu Lëtzebuerg wunnt, esou steet et am Schoulgesetz, däreif hei an d'Schoul goen. D'Heterogenitéit ass risegrouss. All eis Kanner, egal wéi verschidde se solle sinn, sollen eng Plaz an eiser öffentlecher Schoul fannen. An duerfir muss déi öffentlech Schoul awer och eng ganz breet Offer bidden.

Hei ass e richtege Schratt. An duerfir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dem Projet de loi vun elo. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet direkt den Här Fernand Kartheiser.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech fänken u mat engem groussen Merci am Numm vun der ADR un den Här Lex Delles fir dee ganz gudden Rapport, deen en eis gemaach huet, an eng kloer Presentatioun.

Dat hei schéngt elo erëm eng Prioritéit vun der Regierung ze sinn, anescht wéi aner Beräicher an der Éducatiounspolitik. Mir hunn e Gesetz hei praktesch an zwee Méint duerch d'Instanze kritt. An anere Beräicher, déi awer och wichteg sinn, dauert dat leider méi laang. Ech verwei-sen hei op d'Berufsausbildung an aner Dos-sieren, déi leider vill méi laang brauchen.

Mir hunn hei am Land e bëssen eng Multipli-zéierung vun internationale Schoulen a leschter Zäit. Och zu Pärel an zu Munneref soll anschei-nend elo en Däitsch-Lëtzebuerger Lycée ent-stoen. Alles dat eenzek gekuckt, kënnen dat jo ganz interessant Alternative ginn. Mä wann ee kuckt, wivill international Schoulen a leschter Zäit entstinn, déi all en ënnerschiddleche Schoultypus, aner Prioritéiten, aner Sproochere-gimmer representéieren, da stellt sech awer och d'Fro vun der Kohärenz an deem Ganzen.

An d'Fro muss gestallt ginn, ob dat net e wei-dere Schrëtt ewech vun der Integrationspoli-tik ass a Richtung bal vun enger Kapitulation virun der Diversitéit, well et ëmmer méi schwéier gëtt, dat zesummenzibréngen, wat eng Gesellschaft hei am Land soll ausmaachen. Emmer méi verschidde Schoulssystemer, aner Sproochen, ass dat nach eng Perspektiv op eng Integratioun? Oder ass et net eng weider kloer Orientéierung a Richtung Parallellgesellschaften hei am Land?

Mir hunn en Ëmbau vun der Sproochesitua-tioun hei am Land och iwwert d'Schoulpolitik vun der Regierung! Déi Pluralitéit vun de Schoulen, déi wäert och nach zouhuelen an der Perspektiv vum wirtschaftleche Wuesstum, dee jo geplangt ass, an enger ëmmer méi grousser Zuel vun Auslänner, déi jo aus demo-grafesche Grënn dann hei am Land wunnen. A mat deem, wat elo hei ugeduecht an uge-faange gëtt, näamlech déi Multiplizéierung vun ënnerschiddleche Schoultypen, féiert dat jo zu enger Marginaliséierung iwwert d'Zäit vum traditionelle Lëtzebuerger Schoulssystem aus reng statistesche Grënn an also och vun där Sproochesituatioun an deem multilingualen oder plurilingualen Ëmfeld, wéi mer et elo ken-nen.

Déi Schrëtt, déi d'Regierung geholl huet fir multilingual Fréierzéierung mat engem Akzent op dem Franséischen, déi Multiplizéierung vun



internationale Schoulen an d'Vernoléissegung vum Lëtzebuergeschen an och zum Deel vum Däitschen a Franséischen an deenen internationale Schoule si jo Schrëtt an déi Richtung! Mir hunn zwar d'Lëtzebuergesch als Schoulfach an där Schoul ageschriwwen, mä et steet näischt am Gesetz iwwert den Niveau, dee soll erreecht ginn, näischt iwwert d'Methoden, näischt iwwert d'Zilsetzung, näischt iwwert d'Kultur. An och, wat d'Däitsch an d'Franséisch ugeet, ass dat ganz weéng beschriwwen. Hei op enger englescher Première, wéi dat elo hei an där Schoul ugeduecht ass, hunn d'Schüler ganzer dräi Fächer a si kënnen zousätzlech Däitsch oder Franséisch huelen, mä net Däitsch a Franséisch! Et ass och net gesot, ob en „late arriver“ - wann ee méi spéit kënnt -, ob deen nach ka Lëtzebuergesch léieren. Lëtzebuergesch ass net als Schoulemgangssprooch virgesinn.

Mir hunn also ëmmer méi e Schoultyp vun enger Lëtzebuurger ëffentlecher Schoul, deen awer dozou féiert, dass hei kënne Leit duerch eng Lëtzebuergesch ëffentlech Schoul goe praktesch ouni Lëtzebuergesch - emol vläicht ganz weéng, an dat wësse mer jo net genau, wat do wierklech ugeduecht ass -, praktesch ouni Lëtzebuergesch an och praktesch ouni vill Kenntnisser iwwert dëst Land! Well ech maachen do eng Klammer op op dat, wat virdru gesot ginn ass: de Rekrutement vun de Professeren. Do ass jo virgesinn, dass Professere kënne rekrutiert ginn, déi nëmmen eng vun deenen dräi administrative Sproochen um Niveau B2 schwätzen, also Leit, déi do an där Schoul enseignéieren, déi iwwer eis Sprooch näischt wëssen - ausser si hätten de B2 am Lëtzebuergeschen, wat onwahrscheinlech ass - an och net iwwer Däitsch a Franséisch, a praktesch keng Kenntnisser iwwert d'Land.

Et ass ëmmer méi eng Insel an eisem Land vu Leit, déi e bësse parallell liewen an dat net wëllen, also dat net kënnen erreechen, wat mir eis awer virstellen an der Schoulpolitik, nämlech d'Integratioun.

Et ass och eng Fro: Firwat ass dat elo? Firwat muss mer dat do maachen? Et ass emol eng Emfro bei auslänneschen Handelskummernemaachen ginn, där indescher, där irescher, där brittescher, där amerikanescher. An et ass normal, dass do e Besoin ass. Et ass och fir eis als ADR eng Diskussioun, an dat hate mer och gesot bei Déifferdeng, eng Diskussioun, där mir eis net verschléissen, wann auslännesch Kaderen nëmme fir eng kuerz Zäit hei am Land sinn. Ob dat Leit aus der Ekonomie sinn, ob dat Leit aus der akademescher Welt sinn, ob dat Diplomate sinn, do gëtt et einfach e Besoin an et ass och ganz gutt, wann et fir déi Leit Méiglechkeete gëtt. Mä et ass awer eppes anescht, ob een higeet an e ganze Curriculum erméiglecht, wou net eng Aschränkung ass iwwert déi Zuel vu Joren, déi ee kann an deem Schoultypus verbréngen, ier ee muss an eng normal Lëtzebuurger Schoul goen zum Beispill.

Et ass einfach eng Fro, ob net och hei Lëtzebuurger ugezu ginn, déi eben och weéinst dem Verfall vun dem Niveau vun der Lëtzebuurger ëffentlecher Schoul - an dat ass e Phänomeen, dee mer an deene leschte Jore scho gesinn hunn - ëmmer méi probéieren, an international Schoulen, de Lycée Vauban, d'International School, d'Europaschoul ze kommen, praktesch fir do erauszekommen, wat se als Verfall vum Niveau an der Lëtzebuurger ëffentlecher Schoul awer erkennen.

Mir hunn och festgestallt, dass bei deenen Emfroen, déi gemaach gi sinn, awer eng grouss Zuel vun Anglofonen hei am Land, bal 30%, hir Kanner awer an eng Lëtzebuergesch normal Schoul ginn hunn, ganz einfach, well se geduecht hunn: Mir bleiwe méi laang hei an duerfir hätte mer och gär, dass eis Kanner an eng normal Lëtzebuurger Schoul ginn, fir dass se eng Chance hunn, an deem Land herno eng Zukunft ze hunn, integréiert ze sinn.

Et ass fir eis nach ëmmer eng Präferenz, fir ze soen, wann auslännesch Kanner heihinnerkommen oder Jugendlecher, fir si fir d'Éischt sproochlech op dee richtegen Niveau ze bréngen duerch Classes d'accueil, duerch en intensive Sproochentraining, a se dann an déi Lëtzebuurger ëffentlech Schoul ze bréngen. Dat ass keng verlueren Zäit, well et fir eng Liewenszäit hei zu Lëtzebuerg, eng Zukunft hei am Land eng besser Perspektiv ass wéi déi, praktesch ëmmer en Ausländer hei am Land ze bleiwen oder condemnéiert ze sinn, säi Gléck iergendwou anescht ze sichen.

Mir hunn héieren, dass verschidde Parteie gesot hunn, d'Demandeurs de protection internationale sollen dann an déi Schoul kommen, well se e Bezuch hätten zum Engleschen. Allgemeng kann een dat net esou behaupten. Dat ass fir deen een oder anere sécher richtig. Et hängt of vun deem Land, wou se hierkommen, vun där Schoulbildung, déi se matbréngen, vun hiren eegene Méiglechkeeten. Et ass keng Regel, dass all Kand vun engem Demandeur de protection internationale oder een, dee selwer

als Mineur heihinnerkënn, Englesch kann oder éischter op Englesch ka scalariséiert ginn.

Mä d'Fro hannendrun ass vill méi eng wichteg an et ass eng Debatt, déi mer ni geféiert hunn: Wéi eng Sclaritéit hätte mer da gär fir déi Kanner? Ass et dann net ursprénglech de Sënn, dass mer sollten an enger internationaler Koordinatioun, well mer dat eleng net packen, eng Sclaritéit an hiren eegene Sprooch virgesinn, fir hinnen eng Zukunft an hirem eegene Land no hirem Retour ze erméiglechen? Oder wa mer gär hätten, dass déi, wou mer mengen, dass se eng reell Chance hunn heizubliwen, hei Fouss faassen: Solle mer dann net alles drusetzen, fir se an eng normal Lëtzebuergesch Schoul ze bréngen, dass se wierklech eng Integratioun hei am Land kënnen duerschliwen, amplat dass mer se an eng separat Insel setzen, wéi déi do Schoulen et nun eemol sinn?

Oder ass vläicht d'Iddi, fir awer hei eng speziell Sclaritéit fir déi Kanner unzëbieden, wat dann natierlech awer och dozou féiert, dass verschidde Kategorië vun deenen Altersinteressiéierten, un déi sech dat interesséiert, da speziell vläicht géifen heihinnerkommen, well se hei Chancë gebuede kréien, déi se an anere Länner ronderëm net gebuede kréien? Déi Diskussioun iwwert déi beschtméiglech Sclarisatioun vun deene betraffene Kanner a Jugendlechen, déi hu mer net geféiert! An et ass net iwwer esou e Projet de loi, dass mer se sollen indirekt féieren. Mir sollen der Diskussioun net aus dem Wee goen. Mä et ass awer dat, wat mer hei zervéiert kréien e bëssen um Rand vun enger anerer Diskussioun, an dat ass deem Sujet net wierdeg.

Mir géifen och d'Fro stellen, wa mer iwwer Equivalenze schwätze vu Schoulen, wéi déi hei mat der Lëtzebuurger Première, also mat enger ganzer Sclaritéit an enger Lëtzebuurger ëffentlecher Schoul: Ass dat wierklech eng Equivalenz? Wat sinn d'Rechter, déi domat verbonne sinn? Den Zougang zu enger Universitéit? Jo, wann dat dann nach ëmmer d'Optik ass och vun deenen Universitéiten, déi betraff sinn. Ass dat en Zougang zu der Lëtzebuurger ëffentlecher Funktioun? Oder muss mer driwwer nodenken, fir eis Sproochekritären an eis Admissiounskritären an der Fonction publique ze adaptéieren a Fonctioun zu neie Lëtzebuurger Diplomer, déi gemaach ginn, awer ouni néideg Sproochekenntnisser?

Alles dat si Froen, déi ee muss awer emol eng kéier am Fong diskutéieren, wat dat heescht, deen Equivalenzbegrëff. Oder sollt een net hiege bei esou Schoulen a sech op Equivalenze verlossen, déi vun auslänneschen Institutiounen hiergestallt ginn, och wann den Diplom zu Lëtzebuerg hiergestallt oder verdeelt gëtt, fir dass mer do méi Kloerheet iwwert déi rechtlech Konsequenze vum Equivalenzbegrëff kënnen kréien? Et si Froen, déi gestallt ginn. D'Äntwerte kann ech lech haut net ginn, awer d'Reflexioun muss geféiert ginn!

An dann hu mer natierlech och all déi Froen: Wat geschitt mat deenen, déi déi Schoul ofbriechen? Wat geschitt mat enger École de la 2^e Chance, déi aus sproochleche Grënn deene Kanner net opsteet? Wat ass mat deenen, déi méi spéit kommen, déi praktesch dann och mat de Sproochen net méi konfrontéiert ginn? Wat ass mat deenen, déi erausfalen?

D'CSV huet de Moien oder elo just proposéiert, dass fir déi eng engleschsproocheg Berufsausbildung soll gemaach ginn. Da stellt sech natierlech d'Fro: Wéi wäit belaauschtbar ass eise Schoulsystem, wa mer elo fir all méiglech Schoulausbildung och nach engleschsproocheg - an herno kommen nach anerer vläicht mat Fuerderungen - extra Filière musse maachen, extra Schoultypen musse opbauen, fir der Diversitéit Rechnung ze droen? Kann dat wierklech eng Äntwert sinn? Och eng finanziell verantwortbar Äntwert op eng Situatioun, déi mer duerch eng gutt Integratiounspolitik kéinte ganz anescht upaken?

Alles dat si Considératiounen, mat deene mer wëllen als ADR opmierksam maachen op No-deeler, op Geforen, op Froen an enger Entwécklung, déi hei als gutt, als normal, als bal selbstverständlech duergestallt gëtt, déi awer alles anescht ass wéi normal oder selbstverständlech an déi eng ganz Rei vu Problemer opwerft.

Ech halen op mat enger Betruachtung iwwert de Michel Lucius selwer. Et ass fir eis eng traureg Tatsaach, dass mer domat konfrontéiert gi sinn duerch Quellen, déi mer kritt hunn aus gewerkschaftlechen an anere Richtungen, dass et an deem engleschsproochegen Zweig vum Michel Lucius soll ginn en «malaise dans les classes anglophones», iwwert déi mer haut schwätzen, Dysfonctionnement, dass de Corps enseignant demotivéiert a frustréiert wär. Et gi Virwërf erhuewe géint d'Schoul a géint d'Direktesch. Do ass eis Fro... Mir kënnen dat hei net diskutéieren, mä mir kënnen awer de Minister opfuerderen, senger Pflicht als

Déngschthär vun där Schoul a vollem Émfang nozekommen. A wann et Problemer an enger Lëtzebuurger Schoul gëtt, da muss de Minister derfir suergen, dass déi wierklech geléist ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Mir stëmmen elo e Projet de loi, wou och schonn, an dat ass schonn e puermol gesot ginn, am Lycée Michel Lucius, deen elo gläich esou wäert heeschen, e Projet gelaf ass zënter 2011.

Wann een d'Éducatiounspolitik... Also ech hunn iwwer Joren d'Éducatiounspolitik misse verfolge, ongewollt e bëssen, bal gezwongen deelweis als Journalist deemools, ouni awer selwer vum Fach ze sinn, an da léisst ee sech oft iwwerzeegen vun där enger oder anerer Positioun. An et mierkt een iergendeng kéier, dass mer ganz wäit ewech si vun enger genauer Wëssenschaft, zemoos wat pädagogesch Konzepte ugeet. An dofir hunn ech mer als Doktrinn ginn, iergendwéi net eng ze vill festgefuehren Doktrinn ze hunn an deene Froen, zemoos wa schonn Experienzen um Terrain gemaach ginn.

Mir dinn eis net onbedéngt ganz einfach mat deene Froen. Mir wäerten awer deem Gesetzesprojekt zustëmmen, quitte dass mer vläicht e bësse Skepsis hunn op e puer Punkten, an dat ass och elo keng Niegkeet. Mir stellen eis e puer Froen, an dat sinn och Froen, déi och am gewerkschaftleche Milieu gewësse Leit sech stellen; ob déi berechtigt sinn oder net, dass kënne mer och an der Zukunft gesinn. Mä et ass d'Fro och vun enger gewëssener Autonomiséierung vun de verschiddene Etablissementen, ob do net duerno eng Gefor kéint bestoen, dass ee lues a lues an déi Richtung kéint goen, dass eng Kluft besteet tëschent verschiddene Gebaier, wéi d'Selektiounskritären ausgesinn an esou weider.

Et gouf och gesot, dass ënner anerem och d'Demandeurs de protection internationale kënnen an de Genoss vun där Filière kommen. Dat ass wierklech net auszuschléissen. Ech mengen, et ass och eng Ursaach, firwat dat do gemaach gëtt.

Allerdéngs muss ee sech awer och eng Fro stellen: Et ass esou, dass déi Demandeurs de protection internationale, d'DPlen, och iergendeng kéier hoffentlech BPlen ginn, dass heescht Bénéficiaires de protection internationale, wann een och nach Rücksicht hält op déi - wéi soll ech soen? - monstruéis Situatioun, zemoos a gewëssene Länner, ech denken elo ganz spezifesch u Syrien. Dat heescht, et muss een dovunner ausgoen, dass déi Leit och hei bei eis bleiwen, well se net méi wäerten zréckgoen an hiert Land. Deementspriedend stellt sech d'Fro - mä ech mengen, déi verschidde Curriculaen, déi verschidde Liewensgänge vun de Leit, vun den DPlen a spéider BPlen, si ganz verschidden, mä et muss een och dovunner ausgoen kënnen, dass déi Leit och wäerten heizubliwen an net méi wäerten zréckgoen -, dass heescht, ob an awéifereit opportun ass, och déi Leit a spezifesch Filiären ze bréngen.

Mä ech wëll mech do net ze vill festleeën, awéifern den angelsächschesche Modell méi interessant ass wéi en anere Modell. Ech mengen, doriwwer kéint een nach laang diskutéieren. Deen huet bestëmmt seng Atouten. En huet vläicht awer wahrscheinlech... Wat déi fréi Spezialiséierung ugeet, do war ech ëmmer e bësse skeptesch, wat dat ugeet, d'fréi Spezialiséierung. Ech fanne souguer, dass de Lëtzebuurger Schoulsystem, Secondaïressystem e bëssen ze vill fréi spezialiséiert. An dat war och schonn ëmmer eng Fuerderung vun der Schülerbewegung, schonn deemools an den 90er Joren, dass mer vläicht net onbedéngt an déi Richtung sollte goen.

Dat heescht, mir wäerte matstëmmen. Mir hunn eis nach eng Zäit d'Fro gestallt, ob mer eis net enthalen sollten. Mir wäerten et schlussendlech matstëmmen, well souwisou eng Situatioun do ass an de Projet do leeft. An dat ka sech vläicht entwéckelen. Deem wäerte mer kritesch nokucken. Voilà. A mir hoffen trotzdeem, dass dat Ganzt sech an engem gudden Développement wäert weiterentwéckelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet den Erziehungsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech

schléisse mech all deene Mercien un de Rapporteur, de Lex Delles, un, deen eis hei duerch d'Matière gefouert huet. Et ass d'selwecht eigentlech wéi virun enger Rei vu Méint, wéi mer déi International Schoul zu Déifferdeng - esou vill Zäit muss awer sinn - gestëmmt hunn hei, nees erëm eng kéier e Schrëtt an der Stärkung vun der ëffentlecher Schoul, am Wouerhuelen vun hiren Aufgaben, eng Offre scolaire unzëbieden fir all Kand hei am Land.

An dass dat hei wierklech de Fall ass an dass et wierklech gebraucht gëtt, dass weise jo och déi Inscriptiounen. Wa mer viru fënnel Joer mat 14 Schüler ugefaangen hunn a mer sinn elo bei iwwer 400, wa sech quasi also d'Inscriptiounen verdrëssegfacht hunn, da weist dat, dass dës Schoul an esou eng Offre scolaire gebraucht gëtt an dass et richtig ass, weider op de Wee ze goen vun der Diversifikatioun vun der Offre scolaire.

Eng Woch no PISA wëll ech och dee Lien nach eng kéier hierstellen, well wa mer do feststellen, dass ganz vill Jonker, och mat engem Migratiounshannergrond, wäit ofgehaange sinn - net alleguerten, mä awer ganz vill der wäit ofgehaange sinn -, dann huet dat och domadder ze dinn, dass eben net eng entsprechend Offre scolaire existéiert. An duerfir, mengen ech, muss mer ofhalen, jiddweree wëllen an en Eenheitsmodell ze pressen, wéi mer et elo just hei nach eng kéier vum Här Kartheiser héieren hunn, well do sinn der vill ze vill, déi op der Streck bleiwen do derbäi, mä d'Schoul muss sech éischter opmaachen an de Besoine vun de Schüler no ausrichten a weiderentwéckelen. An dat maache mer jo heimadder.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- D'Suerg ass geäussert ginn, ob den Zesammenhalt hei hiergestallt gëtt, fir dass do och Generatiounen zesummewuessen, ob verschidde Schüler aus verschiddene Kulturraim mat verschiddene Sproocher géifen zesummewuessen.

Nun, ech denken, dass mer grad hei, andeems d'ëffentlech Schoul hir Aufgab wouerhëlt, nees wouerhëlt an déi dote Clientèle net eleng de Privatschoulen iwwerléisst, besser gestiwelt sinn, fir déi Integratioun do an deen Zesammenhalt do kënnen ze garantéieren, grad - an dat ass hei ganz interessant - well mer eng Schoul hu wéi de Lycée Michel Lucius, wou mer souwuel en traditionellen Ordre d'enseignement hunn, wéi den Enseignement secondaire technique, an awer och elo eben en neien engleschsproochegen Ordre d'enseignement, wou d'Schüler sech begéinen, wou Aktivitéiten kënnen zesumme gemaach ginn, wou een zum Deel déiselwecht Enseignanten huet. Dat alles férdert ganz, ganz kloer den Zesammenhalt an d'Zesummewuesse vun enger neier Generatioun, déi an eisem Land opwiisst, op jidde Fall daitlech méi staark wéi dat bis elo de Fall war, wou déi engleschsproocheg Schüler éischter reng an d'Privatschoule gaange sinn, hu misse goen, well mer keng Offer haten.

Well mer keng Offer haten am Fondamental, hu mer hei och vun der Geleeënheet profitéiert, och do eng Filière ze proposéieren, dass och schonn engleschsproocheg Schüler an déi dote Schoul kënnen kommen am Fondamental, fir souwuel e Stack Schüler opzebaue vun ënnen, fir och do eng Offer ze schafen. An och do ass laut deene Recensementen, déi mer maachen - oder eleng nëmmen dat, wat mer um Telefon héieren, wann nogefrot gëtt -, déi Demande ganz, ganz staark. Duerfir wollte mer onbedéngt am Zentrum vum Land esou e Projet lancéieren an dat huet sech ganz gutt préféiert, fir dat eben elo hei mat dem Lycée Michel Lucius kënnen ze assuréieren.

D'Fro stellt sech, wéi d'Personal op déi doten Entwécklung reagéiert. Nun, generell muss ee soen, dass déi allermeeschst Enseignanten do déi Erausforderung ganz gären opgeholl hunn, dass awer och gekuckt ginn ass, dass deen een oder deen aneren, dee sech elo net direkt esou à l'aise gespuert huet, net onbedéngt huet missen op deene Klassen enseignéieren. Wichteg, denken ech, ass awer och, dass mer eis hei d'Méiglechkeet ginn, mat deem Gesetz esou ze rekrutéieren, dass mer de Sproochekonditiounen, fir an där doter Schoul Schoul ze halen, dann och wierklech kënnen gerecht ginn. An dat sinn eben aner Sproochekonditiounen wéi dat, wat mer beim normale Rekrutement verlaangen. Do muss een eben och perfekt op Englesch kënnen Schoul halen. Déi Méiglechkeet gi mer eis hei.

Dat erlaabt eis awer och, derbäi kënnen ze bleiwen, dass, och wann dee Modell nach weider géif ausgebaut ginn, mer keng Enseignantë



wéilte forcéieren, géint hire Wëlle forcéieren, op esou enger Klass, op enger engleschsproocheger Klass Schoul ze halen, wat sécherlech jo och net am Interessi vun der Qualitéit vun deem Enseignement wär.

Mir léieren hei sécherlech och munches, wat interessant ass fir de Rescht vun eisem Schoul-system. Et ass en anere System, deen doten. Et ass eng aner pädagogesch Approche. Et ass méi e personaliséierte Kursus, deen hei offréiert gëtt, wou ee sech sécherlech och dat eent an dat anert heiansdo kann ofkucke goen. A wa mer an eisem konventionelle System déi eng oder aner Reform wëlles hunn, kann ee sech sécherlech do inspiréiere goen. An hei hu mer den Avantage, datt mer dann och scho Leit hunn, Enseignanten hunn, déi dat dote praktizéiert hunn, wou mer gesinn, wat en eventuel-len Avantage kéint duerfir bedeiten.

Ech wëll nach eng Kéier op d'Schülerschaft kuerz agoen, déi awer extrem heterogen zesummegeat ass. Et mengt een, et ass eng engleschsproocheg Schoul, also sinn et quasi just englesch Kanner, déi déi Schoul do besichen. Dat ass sécherlech net de Fall:

Déi gréisste Communautéit ass och hei nach ëmmer d'lëtzebuergesch Communautéit, op d'mannst vun der Nationalitéit hier. 71 Schüler bei 75 (veuillez lire: 59) verschiddenen Nationalitéiten hunn d'Lëtzebuurger Nationalitéit. 63 Schüler hunn déi englesch Nationalitéit, 56 (veuillez lire: 36) Schüler hunn déi portugisesch Nationalitéit, duerno kommen déi dänesch an déi hollännesch Communautéit mat 15 Schüler all Kéiers. Mä insgesamt sinn et 59 verschidden Nationalitéiten. Et ass also sécherlech net eng Offre scolaire, déi mer maache reng fir eng international Communautéit, fir englesch oder US-amerikanesch Bierger, fir datt deenen hir Kanner do kënnen dovunner profitéieren, mä et ass wierklech ganz, ganz breet gespreecht, e bëssen esou, wéi een dann awer och duerch eenzel Quartieren an eenzelne Gemengen am Land a sécherlech och an der Stad Lëtzebuerg eng Populationsstruktur huet, déi sech quasi identesch och hei op dese Klassen heiansdo kann erëmfannen.

Jo, mir sinn hei net um Enn vun der Diversifizéierung vun der Offre scolaire. Wéi ech scho gesot hu beim Vott iwwert de Projet vun der Internationaler Schoul zu Déifferdeng, schaffe mer och un Offeren, och wann déi net an der ganzer Bandbreit vun der Formation professionnelle ugebuede ginn, mä un engleschsproochegen Offeren an der Formation professionnelle, fir e Lien fir eenzel Schüler, déi hei net géifen da bis zum Ofschloss kommen, fir dat awer kënnen ze erméiglechen an Domäner, wou een och mat der englescher Sprooch - nieft deene Friemsproochen da Franséisch an Däitsch a Lëtzebuergesch, déi een nach zousätzlech gemaach huet, awer virun allem an der dominanter englescher Sprooch - och zu Lëtzebuerg Beruffsperspektiven huet. An där Domäner gëtt et. An do si mer amgaangen, mat Schoulen drun ze schaffen, fir och do eng Offer kënne mëttelfristeg entstoën ze loosse.

D'Fro vun den Aschreiwunge gëtt ëmmer nees diskutéiert. Ech weisen drop hin, datt mer eigentlech hei déiselwecht Prozeduren hu wéi an anere besteeënde Lycéeën, wou mer och net kloer geregelt hunn, wien d'Schoul dann elo vu Schüler hält oder net hält. Och wa mer nach de Prinzip vun Lycée de proximité op eenzelne Plazen hunn, wësse mer jo awer, datt

ganz vill Schüler och an en anere Lycée ginn. Mir wëssen, datt mer och scho virdrun, éier mer international Schoulen haten, am öffentleche System och Schoulen hate mat enger Offre unique. An och do huet dann emol misse gekuckt ginn: Wien huele mer do un a wien huele mer net do un?

Do musse mer wëssen, wa mer wëlle reglementéieren, musse mer ganz streng reglementéieren, bis an de leschten Detail goen. An ech gesinn haut net direkt déi Gefor oder déi eventuell Auswierkungen, op jidde Fall momentan net, datt dat do net seriö gemaach géif ginn. Hei am Lycée Michel Lucius ass et esou, datt eng Epreuve gemaach gëtt an der Mathematik an am Engleschen, an da gëtt am Interessi vun Schüler gekuckt, ob deen op eng engleschsproocheg Klass gehéiert, ob dat déi bescht Alternativ ass an eisem Schoulsystem fir dee Schüler, an am Interessi vun Schüler gëtt dann och décidéiert. An Eenzelner ginn dann och ofgewise respektiv op aner Offere weiderdirigéiert.

Ech denken, datt mer dat mat där doter Flexibilitéit eigentlech am beschten am Interessi vun Schüler kënnen handeln, besser wéi mat engem ganz prezis och an engem Gesetzestext verankerte Kritärkatalog, deen eigentlech den eenzelne Besoinen an den eenzelne Profiller ni ganz ka gerecht ginn.

D'Fro ass gestallt gi vun de Schoulen um Lampertsbiërg. Dir wësst, datt dat och eng vun eise Préoccupatiounen ass, datt mer déi staark Konzentratioun vu Schoulen um Lampertsbiërg mëttelfristeg awer dach ofgebaut kréien, well de Quartier awer zum Deel dorënner leit, ech mengen, net ënnert de Schüler leit, mä virun allem ënnert dem Transport vun de Schüler leit. Ee Schrëtt ass sécherlech och gemaach: Wann den Tram bis dach ganz knapp beim Lampertsbiërg laanscht wäert fueren, da kann och deen Transport zum Deel schonn aneschtens organiséiert ginn. Da wäerte sécherlech och eng Rei vu Bussen ewechfalen.

Kuerzfristeg wäerten och eng Rei vu Bussen ewechfalen an och d'Schülerzuel erofgoen, wann den neie Komplex vun de franséischsproochege privaten Offeren zu Gaasperech wäert fonctionnéieren, wou souwuel jo vun der Maternelle bis bei de Bac alles herno wäert regroupéiert ginn. Dat ass eng substanzuell Erliichterung, déi vläicht bei der nächster Rentrée zum Deel, spëtstens dann awer e Joer duerno och wäert realiséiert sinn.

An och mir als öffentlech Schoul wëllen do eis Responsabilitéit mat iwwerhuelen. Duerfir hu mer décidéiert, ee Lycée vum Lampertsbiërg erofzehuelen. An et huet an der éischter Propos op jidde Fall esou ausgesinn, wéi wann dat de Lycée technique du Centre wär an en Terrain och scho ganz kloer reservéiert ginn ass um Kierchbiërg, fir deen dohinner ze installéieren.

Déi zwou Schoulen hunn eis awer nach eng Kéier gebieden, souwuel de Lycée technique du Centre wéi och de Lycée Michel Lucius, genau emol doriwwer ze diskutéieren. An am Ministère vum Développement durable ass momentan eng Etüd amgaangen, fir ze kucken, wat dann eigentlech méi rasonabel, méi gënschteg wär a sech am einfachsten och géif maache loosse. Ech denken, datt och deemnächst do Resultater wäerte virleien, datt mer ganz konkret un deene Projekte kënne schaffen: een neie Lycée um Kierchbiërg an d'Renova-

tioun vun deem aneren dann awer och um Lampertsbiërg, well souwuel deen ee wéi och deen anere sinn zum groussen Deel nach renovatiounsbedürfteg.

Also ech wëll net nach eemol agoen op déi ganz Diskussioun ronderëm d'Lëtzebuurger Sprooch, och an där doter Schoul. Dat ass alles eigentlech hei diskutéiert ginn. Wa mer déi dote Schüler, wéi et bis elo de Fall ass, just a Privatschoulen, an engleschsproocheg Privatschoule goe loosse, hu mer absolutt keen Impakt drop, wat fir eng Sproochen datt se léieren. Hei hu mer fest am Stonneplang virgeschriwwen, datt se och Lëtzebuergesch léieren, datt och déi aner Sprooch geléiert gi vun eise Land, Däitsch a Franséisch, mam groussen Avantage, datt et net wéi an eisem Schoulsystem Langues véhiculaires sinn, mä datt se als Friemsprooch geléiert ginn, wat awer nun eppes aneschtens ass a wou eng ganz aner Approche och ganz oft vum Schüler par rapport zu där Sprooch entwéckelt gëtt, well e se wierklech als Friemsprooch léiert an e se net als Hemmnis gesäit, fir an engem anere Fach eventuell net säi vollt Potenzial kënnen ze developéieren.

Duerfir maachen ech mer do eigentlech guer keng Suergen an duerfir ass dat éischter eng Stärkung vum Lëtzebuergeschen, dat, wat mer hei maachen, par rapport zur aktueller Situatioun. An et muss een och soen, datt den Interessi vun deene Schüler, virun allem och de Schüler am Michel Lucius, extrem grouss ass un deenen dräi anere Sprooch vum eisem Land, dem Lëtzebuergeschen, dem Franséischen an dem Däitschen, an datt dat och mat enger gewëssener Begeeschterung gemaach gëtt.

(Interruption par M. le Président)

Et war net fir mech, uff!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, neen, neen!

► **Une voix**.- Net ëmmer...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et war an der zweeter Rei.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech kommen awer, Här President, gläich zum Ofschloss vu menge Remarguen. Et ass nach eng Fro gestallt ginn zu der Equivalenz vun deem Diplom.

Dësen Diplom, wann een deen hei mécht am Lycée Michel Lucius, dann huet deen déiselwecht Equivalenz, wéi wann een deen Diplom sief et an England, sief et an iergendengem anere Land vun der Welt géif maachen, wou een deeselwechten Diplom bei där selwechter Akkreditierungsagence och ka maachen. An doriwwer ass dat geregelt.

An et ass natierlech absolutt net zur Diskussioun gestallt, ob dat iergendeppes herno géif ännere bei de Rekrutementsprozedure vum Lëtzebuurger Stat, well dat ass keng Fro vun Equivalenz vun Diplomer, dat ass just eng Fro vun deem, wat de Lëtzebuurger Stat virgesäit, wat seng Fonctionnairé musse beherrschen, wa se wëlle bei hie schaffe kommen.

Ech wëll hei och nach eng Kéier ënnersträichen - ech hunn et an der Kommissioun gemaach, mä d'Äusserunge vum honorabelen Deputéierte Kartheiser forcéiere mech awer dozou -, datt et bei all deene Rumeuren, déi an deene

leschte Méint zirkuléiert si ronderëm de Michel Lucius, fir mech absolutt kee Grond gëtt, un iergendeppes ze zweifelen, datt dat net fonctionsgerecht do géif oflafen, an datt och absolutt vollst Vertraue vu menger Säit a vum ganze Ministère an d'Direktioun vum Michel Lucius do ass an datt mer duerfir och der Directrice am Laf vun deene leschte Méint proposéiert hunn, fir d'Mandat ëm siwe Joer ze verlängeren. Do gëtt ganz villes geschwat, wou déi, déi et transportéieren doruechter, musse sech iwwerleeën, ob se sech net selwer schueden, andeems se dat doten doruechter transportéieren. Duerfir war ech net begeeschtert, datt et och hei herno gelangt ass. Mä duerfir wëll ech dat an där doter Däitlechkeet och hei nach eng Kéier ënnersträichen!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

A mir wäeren dann elo prett, fir iwwert de Projet 7073 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7073 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo fäerdeg.

57-mol Jo, 3-mol Neen, domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?


(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun de Mëtten ukomm. Rendez-vous ass muer um 9.00 Auer fir d'Diskussioun an d'Ofstëmmung iwwert d'Steierreform.

Merci a bis muer!

(Fin de la séance publique à 17.36 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, *Président*

2. 7020 - Projet de loi portant mise en œuvre de la réforme fiscale 2017 et portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial;

- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs;

- de la loi d'adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 («Steueranpassungsgesetz»);

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);

- de la loi rectificative du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015;

- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

- de la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines, de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

* la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

* la loi générale des impôts («Abgabenordnung»);